
















CA/31a

CIVIL AFFAIRS
Public Safety
Office
Luxembourg

… FROM SECURITY RESTRICTIONS
… AUX MESURES DE SECURITE
… TIONARY FORCE
FORCES … TIONNAIRES ALLIÉES

L 98810 *

Extended to 7 th April 45

Date Issued / Délivrée le: 9 th Feb 45
Expires on / Expiré le: [illegible] th March 45

Surname / Nom: Jomé
First Names / Prénoms: Paul

Adresse (Street and Town) / Adresse (Rue et Ville): rue de Mondorf, Hespérange

Identity Card Type / Type, Carte d'Identité: passeport
No. / No: 810

Signature of Holder / Signature du Titulaire: Jomé

The person named above is granted exemption, as shown overleaf, from restrictions respecting:
CURFEW, TRAVEL
(Delete where applicable)

La personne ci-dessus mentionnée est exempte, comme indiqué au dos de la présente, des restrictions relatives au:
COUVRE-FEU, VOYAGE
(Rayer si nécessaire)

This exemption is not transferable, must not be altered or destroyed, and is only valid when used in conjunction with the holder's identity card. The loss of this card must be reported to the police. On expiration of validity, or if found, this card must be returned to the issuing authority.

*Cette exemption n'est pas transférable. Elle ne doit être ni changée ni détruite et n'est valable qu'accompagnée de la carte d'identité de l'intéressé. La perte de cette carte doit être déclarée à la police. A l'expiration de la durée de la validité de cette carte, ou dans le cas où elle aurait été trouvée, elle doit être remise aux autorités qui l'ont délivrée.*






Hesper, am Oktober 1996.

De Paul J o m é , e gro'sse Resistenzler.

Ech sin den 1.5!1940 op Hesper schaffen a wunne kom. Demno war ech ere'scht 10 Dég hei an der Gemeng we' d'Preisen eis Hèmecht iwerfall hun. Menger e'schter Bekannter hei waren de Paul J o m é vun Hesper an de Paul S a n d vu Fenteng. De' Zeit as vun eis önnerdreckte Letzeburger, iwer de' frech, knaschteg Preise geschwat gin, ma et huet nach keng organise'er Resistenz hei bestanen.

Ech behapten, dass de Jomé's Paul als e'schte Resistenzler hei an der Gemeng unzegesin as. Hie' war schon 1940 bei enger vun dénen e'schten hei am Land zu Schöffleng vum Scho'lmèschter Albert W i n g e r t gegrönnter Resistenzorganisatio'n "ALWERAGE" Member gin. Hie' war démols scho bestued an en hat 2 Kanner. Am Krich ko'm nach en 3. Kand derbei. Schon am August 1940 war de Paul mat e pur aner Hesper Leit vum 1ten Ortsgrup=penleiter Jakob OCHEN bei de Preisen ugezeigt gin. Hie' war als è vun déne gre'sste Preisefrösser bezèchent gin, dén och nach ömmer d'Spengel mam Wuepe vun eiser Gro'ssherzogin ge'w droen. D'Gestapo war démols schon actif gin, ma well démols nach de' letzeburgesch Autorite'ten iwer dem Ortsgruppenleiter sei Behuelen vu fre'er gefrot ware gin, sin de' beschöllegt Leit all mat engem bloen A eweg kom. Am August 1942 waren d'Haptleit vum Grupp "ALWERAGE" all an der Minettsge'gend verhaft gin, an domat war de' fre'h an actif Organisatio'n als nöt me'h existent ze betruechten. De Paul war schon 1941 bei der Resis=tenz-Organisatio'n LRL (Letzeburger Ro'de Le'w) actif. Hie'n hat démols eng Sektio'n hei an der Gemeng an Oemge'gend age=richt an hie' blo'w och hire Chef bis zur Liberatio'n. De Paul war e klugen, e'erlechen a verschlossene Resistenzler, dé ganz virsichteg war an der Auswie'hl vu senge Matarbechter. Et as him me'h op d'Qualité't, we' op d'Quantite't ukom.

Der LRL hir e'scht Arbecht bestung haptsächlech dran fir Ge'gepropaganda ge'nt de Preisen hir widerrechtlech Verurd=nungen ze verbrèden an se ze sabote'ren. Weider huet de Paul mat senge Matarbechter Geld bei letzeburger Patriote gesammelt fir de' durch d'Preisen an No't gerode Matbierger finanziell ze önnerstötzen. Durch de' Höllef waren de' vun de Preisen "gemassregelt" an domat an hirer Existenz finanziell onme'glech gemète Letzeburger nöt gezwongen vun de Preisen en Oennerstöt=zung aus der NSV oder WHW (Armebüro) unzehuelen. De' Sammelak=tio'n war hei an der Gemeng an Oenge'gend vun Ufank un bis un

d'Enn vum Krich me'h we' gegleckt.Op dém Punkt stèt d'Sektio'n vun Hesper op der 1ter Platz vum ganze Land. An eiser Gemeng an Oemge'gend go'wen 346 000 Frang un no't= leidend Letzeburger ausbezuelt.

De ganze Krich durch sin an eiser Ge'gend bei Dag an Nuecht vill franse'sch aus Deitschland flüchteg Krichsgefangener passe'ert.De' Lait de' mèschtens an engem ganz schappegen Zo'stand waren,si vum Paul a senge Matarbechter an alle Fäll wo' sie ugetraff si gin,direkt verpflegt,mèschtens an Zivil geklèd,an durno wa me'glech mat Höllef vu Passeuren aus der Minettsge'gend iwer d'franze'sch Grenz bruecht.gin.

De Paul huet dem Abé Jules JOST vun Esch/A,/spe'dere Kz-ler/ önner dem Num "MELUSINE" en etlech Berichter iwer d'Situatio'n hei am Land zo'komme losst.No der Liberatio'n as vun der Exilrege'rong certifie'ert gin,dass de' Bre'wer zu London ukom waren.

We' de Gauleiter SIMON dem 30.8.1942 den obligatoreschen Wehrmachtsdingscht fir d'letzeburger Jongen proklame'ert huet, du as de Paul ere'scht richteg an Aktio'n getratt.Vun démen 96 Jongen aus eiser Gemeng de' vun de Preisen agezun oder agezun sollte gin,sin der 28 durch dem Paul seng Interventio'n verstoppt an domat der preisescher "Wehrmacht" entzu gin. Am Paul sengem Haus si vun déer Zeit un an engem Steck frie'm Gesichter opgedaucht a bis zur Liberatio'n huet hie' bestänneg fir d'Jongen Stoppe gesicht a sie versurgt.Och ville politesch Verfollegten huet hie' geholfef a weider gelèt. Zwèmol huet hie' mèr aus der No't geholfef we' ech fir 2 Jongen keng Stopp me'h fond hun,an och huet e mèr falsch Papeiren besurgt fir e "Jong" an e letzeburger politesch Verfollegten am Frankreich önner ze brengen.De Paul war no senger Arbecht op Belval fre'h a spe't fir d'gud Sach önnerweé,war et fir Stoppen ze sichen oder Lie'wensmöttel erbei ze schafen.De' Gäng sin all um Velo gemèt gin.Hie' war e gude Sportsmann wéll en huet mat 45 Joer d'göllend Sportofzèche gemèt.De' Fahrten sin dacks an d'Muselge'gend gefuhr gin.All die' Jongen de' nöt bei engem gude Bauer konnte verstoppt gin,hun och mussen o'ni Liewensmöttelkart gefidert gin.Mat Miehl huet de Paul SAND vun der Fentenger Millen eis ömmer aus der No't geholfef.Fir eng Stopp ze fannen,dat war am Krich keng einfach Sach.Wann hei am Land d'Populatio'n och bal 100 prozenteg ge'nt de Preis war,so' waren et der dach ganz we'neg de' KZ oder d'Do'desstrof riske'ert hun fir Refractär oder e poli= tesch Verfollegten bei sech opzehuelen.

Mat Höllef vun engem Resistenz-Kolleg aus der Direktio'n vun Arbed-Belval ko'm de Paul an de Besötz vu 54 Blanko-Aus=weiser.Eng Partie vun eise verstoppte Jongen krut eso' en Aus=weis mat Photo ausgestallt.We' 2 vun eis verstoppte Jongen de' eso' en Ausweis op sech haten,mat engem Bauer wo'sie ver=stoppt waren,verhaft ware gin,d'Jongen an de Bauer am Gestapo=verhe'er nöt möll ze kre'e waren,go'w am Direktio'nsbüro vun Esch-Belval eng Enquête gefo'ert,de' negativ verlaf war.Démols war de Paul fir eng Woch op der Musel önnergedaucht.

Vum Apdikter KAYSER vun Esch-A hat de Paul Tablette mat bruecht,wo'durch d'Jongen de' eso' Pölle geschleckt hun,an Zeit vun e pur Stonnen eng fatzeg Gie'lzecht krit hun.Da waren de' arme Kadetten alt fir eng kleng Zeit an d'Lazarett aplaz un d'Front kom.

Eng Ke'er hat de Paul eng gro'ss Chance we' e Resistenz-Frönd dém am August 1942 vun de Preise verhaft war gin,an no 7 Me'nt Prisong am Gronn an am KZ Hinzert eröm hei opgedaucht war.Déselwechten hat gesot,nie'n hät de Preise könne fortlafen. Geschwönn drop waren durch hie'n awer en etlech Resistenzler verhaft an an d'KZ bruecht gin,wo' èn oder dén aneren ömkom as. Hie'n hat de Paul,fir wat och ömmer,nöt ugeschmiert.

Deischter a schwe'er Stonnen go'wen et nach fir de Paul,we' we' è vun der Gestapo verhafte Jong,de bei engem Verhe'er d'Nerve verlur hat,an dobei 2 LRL-Membren wo' hie'n önnerdach kom war,bekannt gin hat.De' 2 Männer go'we verhaft a ko'men an d'KZ.

An 39 Heiser hat de Paul mat senge Matarbechter Jongen önnerbruecht;dovun an der Gemeng Hesper 25!am Durf Syren waren et 10 Heiser!zu Contern 9 Heiser!je 1 Haus zu Hassel,1 zu Milbech an 1 um Lampertsbierg.Fir krank Jongen as en Dokter an och en Zänndokter besurgt gin.Zu Syren hat sech e Baurejong zum Coiffeur ausgebild fir Krichszeit.

De Paul hat och am Krich mat der Telephons-Cabine vun Hesper Kontakt an do si wertvoll Renseignementer opgefange gin.

Durch de Paul hate mèr 2 Membren vun der fre'erer Frei=wöllege-Kompanie op Syren kritt.De' 2 so'tze schon am KZ a waren durno op d'Eisebunn zu Erfurt dingschtverpflicht gin. Sie waren do no Sabotage op der Bunn an Direktio'n Letzeburg ugangen.De Paul war mat engage'ert we' è vun déne Jongen durch de fre'ere Burgermèschter Hoffmann Neckel,dé vun de Preisen ofgesat war gin,zu Syren am Oennergrond bestued as gin.Dé Jong BIEWER Theo war è vun dénen 2 Jongen de' zu Milbech mat dem Bauer WILTGEN Jos verhaft ware gin.En 2te Jong war nach

vun démselwechte Burgermèschter "schwarz" bestued gin.De' gehe'reg Akten go'we bis zum Enn vum Krich an enger Scheier agemauert,dem Parquet iwergin a vun do valide'ert.Dat as en émolege Fait vun der Resistenz hei am Land.

We' eise Resistenz-Frönd de Paul SAND vu Fenteng op enger Rès am Dingscht vun der guder Sach fir "eis Jongen"verhaft war gin,hat de Paul we' seng engste Matarbechter nach eng Zeit gro'ss Angscht.Ma de Paul SAND hat de Gestapo-Verhe'ren stand=gehalen an e ko'm an KZ Buchenwald.

De Paul war och stark dru bedèlegt we' d'Fusio'n vun déne verschidenen letzeburger Resistenzorganisatio'nen zustane kom as,a we' doraus " d'Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeoises" entstanen as.(Ech war eng Ke'er nuets derbei we' eng Réunmo'n de' vum Paul am Café LANG zu Hesper organi=se'ert war,vun de Spötzeleit vun allen Organisatio'nen do ofgehalen as gin.)

De Paul war virum Krich e fridleche Mönsch,dén a sengem Lie'we kaum èmol eppes mat Waffen ze doen hat.Hie'n hat dén Dag no der Liberatio'n,we' hei an der Gemeng e Cortège orga=nise'ert war gin,sech nöt ze schued fond,e Gewier ze ergreifen a sech önner mei Kommando ze stellen,fir mat der Miliz op Duelem ze furen,wo' d'SS nach actif war.

Nom Krich war hie' vun der Rege'rong zum Laie-Richter ernannt gin,fir a politesche Prozesser bei dén Urtelen mat ze wirken.

Nom Krich war hie'n Member vum Central-Comité vun der UNIO'N;vun 1946-1992 war hie'n Sekretär vum Conseil de l'Ordre de la Résistance a vun 1976-1991 Member vum Conseil National de la Résistance.

De Paul as am Krichzalt emol vu senge Matarbechter als e bössen ègesönneg a verschlossen ugesi gin.Dat ware Qualite'=ten de' ech him an eso' enger schwe'rer a gefe'erlecher Zeit he'ch urechnen,Iwer d'Graf eweg muss him vu senge Matarbechter ,vun dénen der nömme we'neg nach lie'wen,en de'we "Merci" gesot gin,wenst sengem wonnerbare Geheim-Gode dén hie'n ausge=schafft hat.Fir dé Code hat hie'n eleng de Schlössel.An der LRL an eiser Ge'gend si keng Memberslöschte gefo'ert gin,et si keng Meberskarten ausgestallt gin an et bestunge kengerlè schröftlech Statuten.All Num,all Wuert an all Zuehl war ver=schlösselt,so' dass am Ge'gesatz zu aneren Organisatio'nen nie bei eis eng Kette vu Verhaftunge geschitt as oder hät könne gesche'en.

Nom Krich sin dem Paul vun englesche Piloten we' vu franze's

sche Krichsgefangenen schröftlech Merci'en gescheckt gin fir seng Höllef de' hie'n déme Leit a schwe'rer Zeit hat zo'komme loost.

Dem Paul seng Verdingschter am Krich sin eso'wuel hei am Land we' am Ausland unerkannt a mat he'gen Auszèchnungen belo'nt gin.

Mam Paul J o m é as dem SWIFT en treie Member a Sportler, an der Gemeng Hesper e gro'sse Resistenzler verlur gangen.

Edouard ROBERT.

Robert

LE MARECHAL DE LA COUR

Luxembourg, le 2 décembre 1984

Monsieur,

J'ai le plaisir de vous faire parvenir sur ordre de Son Altesse Royale le Grand-Duc une photo prise à l'occasion de l'audience que Son Altesse Royale le Grand-Duc vous a accordée le 16 octobre dernier dans le cadre du 40e anniversaire de la libération du pays.

Je vous prie de croire, Monsieur, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Monsieur Paul Jomé
Membre du Conseil National de la Résistance
Hesperange



LE MARECHAL DE LA COUR

Luxembourg, le 2 décembre 1984

Monsieur,

J'ai le plaisir de vous faire parvenir sur ordre de Son Altesse Royale le Grand-Duc une photo prise à l'occasion de l'audience que Son Altesse Royale le Grand-Duc vous a accordée le 16 octobre dernier dans le cadre du 40e anniversaire de la libération du pays.

Je vous prie de croire, Monsieur, à l'expression de mes sentiments très distingués.

Monsieur Paul Jomé
Membre du Conseil National de la Résistance
Hesperange



ROMA
Il Colosseo
The Coliseum
Le Colisée
Das Kolosseum

Pendant notre séjour ici à Rome nous avons bien pensé à vous et prié pour vous. Tous les vôtres et votre cher Défunt. Nous avons reçu la Bénédiction Apostolique que le Saint Père a donné de sa chambre à toute la foule massée sur la Place St. Pierre. Meilleurs souvenirs

Duchesse Charlotte de Mecklembourg.

Georges Duc de Mecklembourg.

VERA FOTOGRAFIA RIPRODUZIONE VIETATA

146614/80
ALTEROCCA TERNI

CITTA' DEL VATICANO POSTE
12-13
23 · V




Lussemburgo

Monsieur et Madame
Paul Jomé
Hesperange
Rue Itzig 41











Le Conseil
National est
reçu en audience
par le Grand-Duc
1 mars 1983

Goffer Lily Unden huet dem
Conseil National de la Résistance
en tableau geschenkt 1987

# Paul Jomé (1903 - 1993)

Paul Jacques Jomé wurde am 26.06.1903 in Hesperingen als ältester Sohn (drei Kinder) des Eisenbahners Pierre Jomé und seiner Ehefrau Catherine Schumacher geboren. Das elterliche Haus in Hesperingen trug den Namen „an Thommessen“. Nach der Grundschule in Hesperingen und der „Oberprimaireschule“ in Bonneweg besuchte er die Handwerkerschule in der Hauptstadt, welche er Anfang der 20er Jahre abschloß. Anschließend studierte er von 1924 bis 1927 an der Ingenieurschule in Midweidar nahe Weimar (D), um 1927 als Ingénieur technique in die Dienste der ARBED zu treten, wo er bis zu seiner Pensionierung arbeitete. Am 14.04.1936 heiratete er in Hesperingen die dort mit ihren Eltern seit 1914 wohnhafte Josefine Lang, welche am 25.12.1910 in Fenningen als Tochter von Victor Lang (Brauereiangestellter) und Anna Schumacher geboren wurde. Aus dieser Ehe gingen eine Tochter und drei Söhne hervor, von denen einer, Roby Jomé, ebenfalls im Gemeinderat ist. Die Familie wohnte lange im „Itzegereck“, ehe sie 1952 in das neuerbaute Haus in der „rue d'Itzig“ einzog. Von 1952 bis 1969 und 1976 bis 1984 war der liberale Politiker und Mitbegründer der DP Mitglied des Gemeinderates. Gleich bei den ersten Wahlen am 14.10.1951 ging Paul Jomé mit dem drittbesten Ergebnis aus den Abstimmungen hervor. In der Mandatsperiode 1970 - 1975 bekleidete er das Amt des Bürgermeisters (Ernennung: 10.12.1969, Vereidigung: 18.12.1969). Während seiner Amtsperiode wuchs die Gemeinde um mehr als ein Drittel (1969 waren es noch 6.059 Einwohner, 1974 schon 8.145). Am 05.02.1970 wurde der Ausbau der Schule in Hesperingen beschlossen. Zur gleichen Zeit war das Projekt „Wasserreservoir“ in Itzig abgeschlossen. Das Projekt auf Howald, in der Höhe der „rue du Couvent“ eine Unterführung zu bauen (04.03.1970), wurde trotz Zusage des Ministeriums später fallengelassen (30.12.1970). Dafür wurde in der Sitzung vom 04.12.1970 der Bau einer neuen Schule und einer Mehrzweckhalle („in der Pantz“, gegenüber der Kirche) auf Howald endgültig angegangen. Am 30.12.1970 wurde eine größere Restaurierung der Pfarrkirche Hesperingen gutgeheißen und der Gemeinderat beschloß am 19.10.1972 den Bau einer neuen Schule mit Sporthalle in Itzig. Die Problematik fehlender Bürgersteige und Spielplätze sowie die Kanalisation wurde durch den neuen Bürgermeister ebenfalls schnell angegangen. Am 21.12.1972 gab der Gemeinderat grünes Licht für den Bau eines neuen Friedhofs in Fentingen, anderthalb Jahre später für die Errichtung einer größeren Gemeindehalle (ebenfalls in Fentingen) und am 08.02.1974 für den Ausbau und die Modernisierung des Campingplatzes „Bon Accueil“ in Alzingen. Eine Woche später wurde der Plan einer neuen Schule mit Mehrzweckhalle in Fentingen konkreter. Seit August 1974 ist die Gemeinde an das SEBES - Netz (Syndicat des Eaux du Barrage d'Esch - sur - Sûre) angeschlossen und im November desselben Jahres beschloß der Gemeinderat die Herausgabe eines Informationsblattes („d'gréng Blietchen“). Ende 1975 fand die Einweihung der „Station d'Épuration Biologique“ in Hesperingen statt und im Dezember 1975 veröffentlichte die Gemeinde eine Neuauflage von Pierre Anens Werk „Geschichte der Gemeinde Hesperingen“, das von dem Lehrer Léon Thoss neubearbeitet und von Bürgermeister Jomé selbst um das Kapitel „Die Gemeinde Hesperingen während der Okkupationszeit“ erweitert worden war. Bis ins hohe Alter von 81 Jahren blieb der Politiker Paul Jomé dem Gemeinderat erhalten, ehe er im Dezember 1984 von seinen Funktionen zurücktrat. Er verstarb am 22.11.1993 im Alter von 90 Jahren nach fast 2jähriger Krankheit in seiner Wohnung in Hesperingen.

Während des 2. Weltkriegs zeichnete sich Paul Jomé als Resistenzler aus. Er beherbergte u. a. 60 Refraktäre und leistete vielen Luxemburgern sowie den alliierten Soldaten zahlreiche unschätzbare Dienste. Hohe nationale (z. B. „Médaille de la Reconnaissance Nationale“) und internationale Auszeichnungen (Charles de Gaulle u. a.) zeugen vom Engagement des Mitbegründers der „Union des mouvements de Résistance Luxembourgeois“. Nach Kriegsende war Paul Jomé ein engagiertes Mitglied des „Conseil national de la résistance“. Der begeisterte Radfahrer war außerdem Mitglied und Kassierer der Kirchenfabrik Hesperingen, Sänger und Vorstandsmitglied der Chorale „Eintracht im Thale“ Hesperange sowie Schriftführer des F. C. Swift Hesperange. Aus der Feder von Paul Jomé stammen auch mehrere lokalhistorische Artikel zu der Burg Hesperingen, dem Howald oder den Ereignissen des Zweiten Weltkriegs, wie z. B. die 1959 veröffentlichte Arbeit „Unio'n. D'Schaffen vun der Résistenzorganisatio'n zu Hesper an Emge'gend während der Occupatio'nszeit“.



**Paul Jomé**

**Bürgermeister von Hesperange**

**1970 - 1975**



Grand-Duché de Luxembourg

Administration des Postes et Télécommunications

# TELEGRAMME

Bureau expéditeur

5800

INDICATIONS DE SERVICE

rlotte Jean

SERVICE DU GRAND-DUC

---

ADMINISTRATION DES P&T LUXEMBOURG

TELEGRAMME TELEGRAMME TELEGRAMME TELEGRAMME

luxembourg-1-4022 68/58 23 1550

madamepauljomeetfamille
41,rued'itzig
l-5852hesperange

a l'occasion du deces de monsieur paul jome ancien membre du conseil national de la resistance, ancien secretaire du conseil de l'ordre de la resistance, le president et les membres du c.n.r. presentent a madame paul jome, ainsi qu'a toute sa famille leurs tres sinceres condoleances. ils garderont un souvenir fidele a leur ancien collegue.

leconseilnationaldelaresistance

nnnn

---

De President an d'Mêmbere vum Nationalcomité soen hiirt opriichtegt Bäileed an hir déiw Sympathien.

D'Verdéngschter fir d'Hemecht vum Komerod Paul, deen bravouréiss déi laang Okkupatiounszäit op der Bresch stong an d'Exempel gin huet, säin Asaz fir d'Land nom Krich zesummen mat sénge Frënn vun der UNIO'N, bleiwen ëmmer liewg.

Seng Matsreider vergiessen hien ni; d'Generatiounen déi kommen wäerten vun him schwetzen

25. November 1993

Grand-Duché de Luxembourg

Administration des Postes et Télécommunications

# TELEGRAMME

Bureau expéditeur

HESPERANGE A 24.11.93-12 5800

INDICATIONS DE SERVICE

Absent

Avisé

rlotte Jean

SERVICE DU GRAND-DUC

No 354 - 1968

124336

ADMINISTRATION DES P&T LUXEMBOURG

TELEGRAMME TELEGRAMME TELEGRAM

luxembourg-1-4022 68/58 23 1550

madamepauljomeetfamille
41,rued'itzig
l-5852hesperange

a l'occasion du deces de monsieur paul jome ancien membre du conseil national de la resistance, ancien secretaire du conseil de l'ordre de la resistance, le president et les membres du c.n.r. presentent a madame paul jome, ainsi qu'a toute sa famille leurs tres sinceres condoleances. ils garderont un souvenir fidele a leur ancien collegue.

leconseilnationaldelaresistance

De President an d'Mêmbere vum Nationalcomité soen hiirt opriichtegt Bäileed an hir déiw Sympathien.

D'Verdéngschter fir d'Hemecht vum Komerod Paul, deen bravouréiss déi laang Okkupatiounszäit op der Bresch stong an d'Exempel gin huet, säin Asaz fir d'Land nom Krich zesummen mat sénge Frënn vun der UNIO'N, bleiwen ëmmer liewg.

Seng Matsreider vergiessen hien ni; d'Generatiounen déi kommen wäerten vun him schwetzen

25. November 1993









RECEPTION AU PALAIS GRAND-DUCAL







Photo Paul Asch
6/7/1969

RECEPTION AU
PALAIS GRAND-DU





Journée de la Rési[illegible]

Gaston M[illegible]

14/05/1961



Journée de la Résistance

Gaston Migeon

14/05/1961





LE SIBENALER
JOURNÉE DE LA
COMMÉMORATION
HINTZERTER KREIZ
24/10/71





